N°7785
Entrée le 16.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Och wann an der Läscht d'Chômagezuelen erfreelecherweis zeréckginn, ginn et nach dausende Leit, déi dovu betraff sinn an op näischt méi waarden, wéi op eng nei Aarbechtsplaz. All Chômeur ass en Eenzelfall a sollt och als solche gekuckt a behandelt ginn, och wann dat enger grousser Verwaltung net ëmmer liicht fält.

Mir ass e Fall zu Ouere komm, zu deem ech dem Här Aarbechtsminister gär géif e puer Froe stellen.

2022 koum e Chômeur an de Genoss vun enger OTI, déi Enn Dezember 2022 ausgelaf ass an aus technesch-administrative Grënn net verlängert konnt ginn. Säin éischten Dossier bei der Adem ass bis Ufanks Februar 2023 gelaf. Hien krut d'Bestätegung, dass en duerno weider Chômage ze gutt hätt, mee dass dofir een neien Dossier misst opgemaach ginn. Bis den 2ten Dossier opgemaach ass, wäert de Chômage fir dësen 2ten Dossier allerdéngs net ausbezuelt ginn. Et kënnt also zu enger Situatioun, wou d'Persoun Chômage accordéiert kritt, op dëst Geld awer muss Wochen oder souguer Méint waarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wann et kloer ass, datt engem Demandeur d'emploi indemnisé säi Chômage verlängert gëtt, firwat muss da gewaart ginn, datt den 1. Dossier zou ass, éier en 2. Dossier opgemaach gëtt?

2. Wéi ka verhënnert ginn, datt déi betraffe Leit an e Lach falen bzw. en akute finanziellen Enkpass riskéieren ze kréien?

3. Wéi laang ass normalerweis den Delai am Fall vun enger Verlängerung vum Chômage éier d'Indemnisatiounsprozedur erëm uleeft? Wat ass an den Aen vum Minister een akzeptabelen Delai?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten